



Mir Piraten begrëssen duerfir, datt et séier goug, schonn am Règlement grand-ducal d'urgence geholl gouf an elo eebe per Gesetz. Mir stëmmen awer och der Kritik vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics zou, datt d'Kandidaten awer weinstens e Minimum un Experienz am Beräich Kannerbetreuung sollten hunn, wann dat och nëmmen iergendwou méiglech ass, an ech soen: „wann dat iergendwou méiglech ass“. Dat ass, wann ee realistesch bleift, natierlech net ëmmer méiglech. A mir hunn einfach, och mat den Unien, déi ausgesat sinn, net genuch qualifizéiert Studentinnen a Studenten, fir der aktueller Demande kënne gerecht ze ginn.

Duerfir deelen ech dem David Wagner säi Gefill, datt ech net weess, wéi een et anescht hätt kënne maachen, wann ee genuch Personal an der Schoul wëllt a muss mobiliséieren. Et wär also gutt, wann déi Kandidaten eng intensiv Formatioun géife kréien.

Et wär gutt, wann déi Kandidate vläicht och duerch dat Schnupperen hei um Schoulwiese de Goût dru kréichen a vläicht am nächste Schouljoer eeben da sech op de Wee maachen, fir regulär kënne rekrutéiert ze ginn. Wann e puer vun deene Kandidaten, déi do konnte rekrutéiert ginn, dee Wee géifen aschloen, dann hätt dese Gesetzestext net nëmmen den Avantage gehat, datt mer enger Urgence konnte Rechnung droen, mee och deen, datt mer vläicht souguer eng Klenggeheet gutt gemaach hunn, fir laangfristeg méi Personal am Unterrechtswiesen ze mobiliséieren.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et ass en Noutnol, dee mer hei stëmmen. Mee nichtsdestotrotz muss mer e stëmmen. An duerfir wäerten och d'Piraten den Accord ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Educationminister Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nach eemol dem Gilles Baum merci. A merci all den Intervenanten. Ech wëll e puer Remarken nach just derbäifügen.

D'Qualifikatioun, ech mengen, do si mer eis an der Interpretatioun eens, datt mer hei nëmme Leit rekrutéiert hunn, fir Schoul ze halen, fir an der Schoul ze ersetze wéi och an deene B-Woche moies déi Études surveillées ze assurieren, déi eng Première hunn, och wann dat net nach eng Kéier explizitt esou am Text hei steet. Do gëllt dat normalt Gesetz vun de Chargéen, vun deenen, déi mer als Remplaçant bis elo ëmmer konnten huelen. Déi eenzeg Exceptioun, déi mer hei gemaach hunn, dat ass, datt mer déi véier Woche Stage, fir Remplacementen kënnen ze maachen, net konnte maachen, noutgedrongen, well keng Schoul war virun an well mer déi véier Wochen net haten.

Domadder hu mer also näischt Exceptionnelles gemaach. Domadder hu mer eigentlech déi Grundvoraussetzungen erfüllt, déi d'Leit och bis elo hu missen erfüllen, wa se e puer Deeg, e puer Wochen, heiansdo e puer Méint, jo heiansdo e ganz Joer eng Klass à charge hatten, an dat eleng an dat fir déi komplex Situatioun, déi dann awer den Titulaire de classe souguer heiansdo huet missen assurieren.

An deem Sënn hu mer hei sécherlech näischt gemaach, wat net schonn an deene leschten 30 Joer de Fall gewiescht wär. Well ech denken, jiddereen heibannen ass sech jo bewosst, datt mer an deene leschten 30 Joer ëmmer nees Chargé-de-coursen hu misse rekrutéieren, fir de Fonctionnement vun de Grondschoulen ze assurieren, an datt dat ëmmer op Basis vun enger Première war, wou do rekrutéiert ginn ass.

Mir hunn duerfir och gekuckt, datt mer déi Leit, déi eng Première hate bei deenen, déi sech gemellt haten, och vun de Studenten, datt mer déi natierlech a Richtung vun de Schoulaktivitéiten, de Moiesaktivitéiten éischter orientéiert hunn. An déi, déi keng Première haten, deenen hu mer éischter proposéiert, och vläicht mëttes da bei de Maison-relais kënnen aktiv ze ginn. An dat erkläert eeben och nach eng Kéier, datt dee Student, dee moies bei der Schoul intervenéiert oder an der Étude surveillée intervenéiert, datt deen eeben och ënner anere Konditiounen agestellt gouf wéi deen, dee mëttes bei de Gemengen, bei de Maison-relais intervenéiert huet. Moies huet deen eebe genau déi selwecht Konditiounen

kritt wéi een, dee soss och par ailleurs iwwert d'Joren ersetze kënnt an der Éducation nationale. A mëttes huet deen eeben déi Konditiounen kritt, déi Studenten an esou enger änlecher Aktivitéit eebe kréien, déi se zum Beispill bei Vakanzenaktivitéite bei deene selwechten Träger an der Reegel och proposéiert kréien.

Dat erkläert déi Kohärenz, déi hei applizéiert gouf. A mir hunn hei net probéiert, datt mer soen: „Elo maache mer eppes isoléiert fir de Covid a mir wennen do just déi Konditiounen un“, well do hätte mer jo da Widderspréch kritt tëschent deenen, déi an der Reegel bei eis zum Beispill ersetze kommen an deene mer ëmmer ganz dankbar sinn, datt se do sinn, par rapport zu deenen, déi elo genau déi selwecht Aarbecht gemaach hätten an déi awer net déi selwecht Unerkennung do kritt hätten. Dat war déi Logik, déi mer do applizéiert hunn. An dat huet zu där Situatioun gefouert, déi mer hei hunn.

Wann een och aner Konditiounen huet missen erfüllen, net ëmmer erfüllt huet, mee huet missen erfüllen, fir eng Aufgab och kënnen hei an deem Kontext ze iwwerhuelen, erkläert dat, denken ech, och nach eng Kéier, wéi et iwwerall an der Fonction publique ass, op ganz villen anere Plazen ass, wann et ëm Remuneratioun, ëm Karrière geet, datt een dann och deement-sprechend aneschtens remuneréiert ginn ass. An deen Ennerscheed hunn ech jo hei och elo nach eng Kéier tëschent de Moiesaktivitéite fir d'Éducation nationale an de Mëttesaktivitéite fir Maison-relais a Gemengen erkläert.

Ech hoffen, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Dir alleguerten, datt mer hei vun deenen 1.000, iwwer 1.000 jonke Leit virun allem, déi mer mobiliséiert hunn, déi glécklecherweis disponibel waren, déi eiseum Opuff ganz schnell nokomm sinn a gesot hunn: „Jo, ech hunn elo Zäit. Jo, ech hu mäi Studium missen ënnerbrieche weinst der Covidsituatioun. Ech hu keng Virlesungen. Jo, ech wëll hei elo eng Hand mat upaken an en Job mat iwwerhuelen“, ... Ech wëll deenen e grouse Merci soen an ech hoffen eigentlech, datt deen een oder deen anere sech inspiréiert fillt duerch dat, wat e gemaach huet, an erausfonnt huet, ob e géeeget ass fir en educative Beruff, fir vläicht dat zu senger Berufung ze maachen, an sech duerno dann och professionell an déi dote Richtung ka weiterentwickelen. Dat wär sécherlech e ganz flotten Nieweneffekt dann nach eng Kéier nodréiglech, dee mer vläicht an e puer Joer dann eréischt kënne feststellen, vun deser Covidsituatioun.

Ofschléissend no deser Staffel vu Covidgesetzter ronderëm den Domän vun der Education, och Iech alleguerten, Här President, souwuel vun der Chamber wéi och dem President vun der Educationskommissioun an de Membere ganz besonnesch vun der Educationskommissioun, mee och jidderengem hei am Haus e grouse Merci.

Mir waren eis net ëmmer alleguerten eens an deene Punkten do. Ech fannen et richtig a gutt, datt och alles kritesch hannerfrot ginn ass, well och a Krisenzäite muss munches kritesch hannerfrot ginn. Och wa ganz besonnesch schnell heiansdo Decisiounen hu misse geholl ginn, déi net alleguerte konnten ofge-wie ginn, ass et wichteg, datt och emol kritesch Stëmmen do sinn. An där sinn och hei am Haus komm, an aus alle Fraktiounen, denken ech, si se komm, heiansdo emol vun deenen engen e bësse méi haart a vun deenen aneren e bësse méi lues. Mee dat gehéiert och zu de Reegelen hei am Haus. An ech denken, datt dat finalement dann awer nach dozou bäigedroen huet, datt mer hei gutt Léisungen zesumme konnte fannen an datt mer awer elo am Réckbléck kënne soen, datt mer dach relativ gutt do derduerchkomm sinn, wat d'Education ubelaangt, an awer nach eng Rei vun Etappe virun eis hunn, bis mer komplett zur Normalitéit kënnen zrëckfannen.

Villmools merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Meisch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zu ...

Do ass nach eng Wuertmeldung vun der honorabelen Madamm Reding. Madamm Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Viviane Reding** (CSV).- Här President, wann Der erlaabt, ech wollt eng Bemierkung maachen, well et sinn esou vill Mercie gefall haut, souwuel vum Minister an och vun den Deputéierten, a ganz richtig Mercien un déi alleguerten, déi sech drëms bekëmmert hunn, fir datt den Unterrecht awer ënner schwierere Konditiounen iergendwéi konnt stattfannen.

Ech sinn elo ee vun deene Raren hei am héijen Haus, déi keng Responsabilitéit an der Gemeng hunn. An dofir mengen ech, däréiert ech a sollt ech Folgendes soen: Ech hunn elo während all där Zäit observéiert, wat eis Gemengepappen a

-mammen hu misse leeschten, fir datt den Unterrecht konnt stattfannen. An dat war eng Leeschtung! An ech mengen, eleng fir dat Ganzt ze organisieren, fir den Transport hinze-kréien, fir d'Säll, fir, fir, fir ...

Ech hunn dat matkritt, vun alle Parteien iwwre-gens, an ech wollt emol am Numm vun eis all-eguerten hinne Merci soen: « Vous êtes des héros ! »

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Reding. Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung ...

D'Madamm Hetto nach.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV).- Jo, merci, Här President. Ma ech wollt nach eng Fro un den Här Minister stellen, wann Der erlaabt. Mir si jo elo beim Personal gewiescht, a wann ech Iech richtig verstanen hunn, hunn ech gespuert elo éineschters, dass Der eigentlech frou wiert, wann Der kéint déi lescht Woch oder déi lescht zwou Wochen déi A- a B-Gruppen eventuell erëm zsummeféieren. Et stellt sech awer fir d'Leit dobaussen um Terrain, fir déi jonk Studenten, déi Der engagéiert hutt, fir d'Übungswochen d'Fro: „Wat geschitt mat eise Kontrakter?“ An ech hat Iech déi Fro elo éineschters gestallt. Dir hat mer awer net ge-äntwert. Do wär ech frou, wann ech elo kéint eng Äntwert kréien.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert un den Här Meisch.

► **M. Claude Meisch**, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Här President, ech soen der Madamm Hetto villmools Merci fir dee kleng Rappel. Ech mengen, et ass wichteg, dat kloerzestellen. Wa mer et esou maachen, datt mer déi lescht zwou Woche respektiv méindes den 29. Juni nach eng Kéier d'A- an d'B-Gruppe géifen zsummeféieren, da géife mer och d'Personal zsummeféieren. Dat heescht, déi Kontrakter lafe weider. Mir wäerte weider och op déi Leit zrëckgräfen.

Dat heescht, da sinn och zwee Enseignanté respektiv Remplaçanten och all Kéiers bei deene Gruppen dobäi, den Enseignant vun der Klass an och deen, deen d'B-Grupp assuréiert huet. Dat erlaabt eis, grad och do nach eng Kéier differenzéiert kënnen ze schaffen an och op déi eventuell Lacunnen aus der laanger Zäit vum Homeschooling kënnen anzegoen. An déi sinn a waren immens wäertvoll, déi Leit bis elo, a wäerten och wäertvoll bleiwen, och wa mer d'A- an d'B-Gruppen erëm zsummeféieren.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools. Ech gesinn elo keng Wuertmeldung méi. Da kënne mer awer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7579 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 7579⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7579 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott fänkt un. Ech maachen duerno den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, sollt d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Appel nominal (votes par procuration)

De Vott ass ofgeschloss. De Projet de loi 7579 ass mat 35 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmmen an 21 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Léon Gloden) et Michel Wolter.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 7603 - Projet de loi portant

1. dérogation temporaire à certaines dispositions en matière de droit du travail en relation avec l'état de crise lié au Covid-19 ;

2. modification du Code du travail

Dee leschte Punkt vun eiseum Ordre du jour ass de Projet de loi 7603, eng weider Ofännerung vum Aarbechtsrecht. An ech ginn direkt d'Wuert un den honorabelen Här Georges Engel als Rapporteur vun deem Projet. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), *rapporteur*.- Merci villmools, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, während dem État de crise goufen eng ganz Rei vun Derogatiounen zum geltenden Aarbechtsrecht geholl. Mam Enn vum État de crise sinn dës Reglementer dann opgehuewen. Duerfir brauche mer elo e Gesetz, well eng ganz Partie Mesuren, déi gi wäit iwwert den État de crise eraus. D'Auswierkunge ginn iwwert déi Period eraus, soudass mer deem an engem Gesetz musse Rechnung droen. A bei enger ganzer Rei vu Bestëmmunge ginn d'Delaie verlängert oder d'Zäit vum État de crise gëtt fir d'Berechnunge vun deenen Delaie ausgeklamert.

Dat gëllt zum Beispill fir Salariéen, déi an deenen Entreprisë schaffen, déi hu missen zoumaachen oder/an de Chômage partiel Covid-19 kruten. Dat gëllt och fir de Schutz virun der Entloossung am Krankheetsfall während de 26 Wochen. Dat gëllt och beim Reklassement oder an de Verhandlungen am Kader vun engem Sozialplang.

Änlech Derogatiounen gëtt et och am Sënn vun de Leit, déi am Chômage sinn. D'Recht op eng Indemniséierung vum Chômage gëtt ëm d'Dauer vum État de crise verlängert. Dat selwecht gëllt fir d'Dispens, fir all proposéiert Aarbechten unzehuele fir Chômeuren, déi sech wëlle selbststänneg maachen. D'ADEM kritt och méi Zäit, fir dem Chômeur eng Konvention unzuebilden, eng Convention de collaboration individualisée, wéi déi genannt gëtt, an och fir anerersäits den Entreprisë Kandidaturen ze proposieren.

Déi Stonnen, déi tëschent dem 1. Januar an dem 31. Juli vun deem Joer opgrond vum Chômage partiel manner geschafft gi sinn, déi ginn dann och immuniséiert bei der Berechnung vun den 1.022 Stonnen am Joer, ëm déi d'Aarbechtzäit ka verkierzt ginn. Dat ass zimmlech technesch, mee déi Leit, ëm déi et geet, an déi Leit, déi domadder befaasst sinn, déi wësse genau, ëm wat datt et geet, an déi sinn och frou iwwert dës Mesure.

Administrativ Vereinfachunge bei der Demande vun Chômage partiel respektiv beim Dekont um Enn vum Mount ginn och iwwert d'Enn vum État de crise eraus verlängert. A fir déi Zäit vum État de crise iwwerhëlt de Staat déi finanziell Bedeelegung bei den Employeuren, déi normalerweis den Employeur misst bezuelen am Fall vun engem Contrat, déi do heeschen: „de réinsertion-emploi“, „d'appui-emploi“ oder „d'initiation à l'emploi“. Eng gutt Hëllef also vum Staat och do fir den Employeur.

E puer Bestëmmunge betreffen de Fonctionnement vun der Commission mixte de reclassement. Während dem État de crise war op d'Obligatioun fir d'Personal aus dem Spidols- a Flee-gesecteur, fir bei den Aarbechtssdokter ze goen, verzicht ginn. Dës Derogatioun zum Aarbechtsrecht gouf zwar entre-temps opgehuewen, mee well dës Suspensioun och iwwert den Datum vum 25. Juni eraus nach eng Rei vu Repercussiounen huet, gëtt et heizou och eng Dispositioun an deem Projet de loi.

Weider Derogatiounen gouf et, fir Studenten, Leit am Reklassement oder an der Preretraite kënnen ze mobiliséieren, fir an deenen essenzielle Beräicher, déi mer haten an déi onbedéngt wichteg waren, datt déi besat waren, och kënnen temporaire ze schaffen.

Studenten, déi an deem Kontext e Kontrakt kruten, fir 40 Stonnen ze schaffen, déi kënnen dese Kontrakt nach fäerdeg maachen. Si kréien awer elo an där Form keen neie Kontrakt méi.

Indemnitéiten, déi Leit am Reklassement fir esou essenziell Aarbechte kruten, ginn net vun hirer Indemnité compensatoire ofgezunn. An esou Montante ginn och fir Leit an der Preretraite neutraliséiert bei der Berechnung vum Revenu accessoire annuel.



A schliisslech gëtt et nach eng Suspensioun vu bestëmmten Delaien am Kader vu groussen Accidenter mat geféierleche Substanzen.

Et gëtt awer och nach Modifikatiounen, déi definitiv an de Code du travail ageschriwwen ginn. Si betreffen engersäits d'Sanktiounen am Fall vu Bedruch oder vun der Zweckentfremdung vu Gelder, déi fir de Chômage partiel ausbezuelt goufen, an andersäits d'Donnéen, op déi d'ADEM kann zrëckgräifen, fir de Suivi ze maache vun den Aarbechtslose respektiv vun den Indemnitéiten, déi u Leit an dem Chômage partiel ausbezuelt goufen. Dat gëtt dann definitiv an de Code du travail ageschriwwen.

Et sollt een och nach erwänen, dass am initialen Text eng Bestëmmung dra war fir sécherstellen, dass just déi Leit kéint vum Congé pour raisons familiales profitéieren, déi keng aner Méiglechkeet hunn, fir hir Kanner ze betreien. E Cumul vum Chômage partiel a vum Congé pour raisons familiales an engem Stot sollt verhënnert ginn. De Staatsrot huet awer hei opgrond vun enger Insécurité juridique eng Opposition formelle gemaach an d'Kommissioun huet dunno decidéiert, dës Dispositioun ze sträichen.

All déi Mesuren, déi hei geholl goufe säit dem État de crise, déi goufen an enger gewëssener Urgence geholl. Mee déi hu ganz, ganz ville Leit a ganz, ganz ville Betriber gehollef, fir plus ou moins gutt iwwert deen État de crise an déi Krisenzäit hei ewechzekommen. Déi waren also extreem wichteg a si waren och extreem richteg.

Ech wëlt de Membere vun der Aarbechtskommissioun e grouse Merci soen, dass se esou flexibel waren, fir dat Gesetz hei an engem ganz séieren Tempo ze analyséieren, ze beschwätzen an och iwwert de Rapport ofzestëmmen, gradso wéi och de Mataarbechter vun der Chamber, vun der Fraktioun, vum Staatsrot an och de Leit aus dem Ministère. Hei gouf ganz gutt geschafft a ganz effikass geschafft.

An ech géif och heimadder den Accord vun der LSAP ginn.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engel. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz agedroen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Spautz (CSV).** - Merci, Här President. Fir d'éischt e grouse Merci un de Rapportier fir deen ausféierleche Bericht. Mir wäerten an déi nächst Deeg nach e puermol erëm erliewe bei anere Gesetzter, déi mer och musse vu Reglementer a Gesetzter ëmwandelen, well den Artikel 32 (4) vun der Verfassung iwwert d'Reglementer jo en Dëschdeg ofleef.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, bei mir geet et just drëm, eng Fro an zwou Remarken ze maachen. Ech wollt vum Minister wëssen, dat wat elo am Artikel 13 steet vun deenen 100 % vun dem „jeune demandeur d'emploi“, ob hien zoufälleg weess, wivill Leit an dëser Phas dovun profitéiert hunn an ob een do Chifferen huet. Och wann et net haut ass, hie kann eis déi vläicht an den nächsten Deeg noliwweren, well mäi Kolleg, de Paul Galles, huet dozou och hei eng Demande gemaach beim Chamberspräsident, fir doriwwer kënne ze diskutéieren.

Mir geet et awer och drëm, eng Kéier ze soen, well ech an deene leschten Deeg heibannen an och dobaussen drop ugeschwat gi sinn, wéi dat mat deenen 1.022 Stonnen ass, wéi dat mat deene 40 Stonnen ass, fir dat eng Kéier an zwee Wuert ze soen. Dir wësst alleguerten, d'Joer huet 365 Deeg oder 366, wann et e Schaltjoer ass. An dann huet Der eng Kéier 52 Samschdeger ewech an 52 Sonndeger ewech an da laut legalem Kader 26 Deeg Congé an 11 Feierdeeg - dat ass nämlech de Minimum, deen all Mënsch huet -, an da kommt Der op 224 Schaffdeeg. A wann Der dat mat 8 Stonne multiplizéiert, kommt Der op dat, wat Der muss schaffen goen.

A mat deene Facteuren do kënn Der alleguerten dat rechnen, wat déi 80 % ausmaachen. Mee Dir musst ëmmer ufänken: 365 minus d'Samschdeger, minus d'Sonndeger, minus d'gesetzlech Feierdeeg, minus de Congé. An da kann een alles dat dote rechne mat deene Prorataen, an do kommen déi 1.022 hier an do kommen déi 2.044 hier, déi Der och an der Sozialversicherung hutt. Ech wollt dat eng Kéier gesot hunn, well ech oft elo déi lescht Deeg d'Fro gestallt kritt hunn: „Wou kënn dat hier mat deenen 1.022 Stonnen?“ Da wollt ech dat just als Remark gemaach hunn.

An als leschte Punkt wollt ech nach d'Fro stellen oder drun erënneren: Mir hunn hei elo vill Dispositiounen verlängert, mee mir kommen

nach op anerer déi nächst Deeg zrëck, wou ee vläicht nach déi eng oder déi aner weider Remark ze maachen huet.

Villmools merci. An ech ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun. Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Spautz. Als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann agedroen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Carole Hartmann (DP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapportier huet et grad schonno ugeschwat - e Merci fir säi schrëftlechen a ganz gudden mëndlechen Rapport -: Während dem État de crise sinn divers Règlement-grand-ducal geholl gi mat Mesuren, déi d'Aarbechtsrecht temporaire un déi exceptionnel Situatioun, an där mir eis befannen, ugepasst hunn.

Och wann déi Reglementer vun der Regierung geholl goufen, hu mir dës als Deputéiert awer an der zoustänneger Aarbechtskommissioun presentéiert kritt a konnten esou eisen Input zu de verschiddene Mesurë ginn. Dëst ass iwwerengs, an dat ass wichteg ze soen, kommissiounswwergräifend esou gemaach ginn, sou dass mir als Deputéiert alleguerten eis Froen a Suggestiounen zu de Reglementer konnte maachen. Mir begrëssen dës Approche vun der Regierung ausdrëcklech.

Sou sinn och an der Aarbechtskommissioun en cours de route eng Rei Upassunge vun de Reglementer proposéiert an och ëmgesat ginn, notament eng Prezisioun, dass och während dem État de crise e kranke Mataarbechter net d'ärf pour faute grave licenciéiert ginn, an zum Beispill eng Ajoute, dass d'Delaen, fir Recoursen um Conseil arbitral anzeleeden, och suspendéiert sinn, wat entre autre och Recourse géint Decisiounen vun der ADEM betrëfft.

Mam Enn vum État de crise halen d'Problemer fir d'Betriber an d'Salariéen awer net all op. Et ass dowéinst wichteg, dass mir mat dësem Gesetzesprojet sécherstellen, dass si och nom Enn vum État de crise vu gewëssene Mesurë profitéieren kënnen.

Mir begrëssen als Demokratesch Partei ausdrëcklech, dass de Chômage partiel vu verschiddenen Entrepreneuren och nom État de crise nach ugefoert ka ginn an dass dës Gesetzesprojet proposéiert, d'Period vum 1. Januar 2020 bis den 31. Juli 2020 eebe just net bei deenen 1.022 Stonnen am Joer ze consideréieren, op déi d'Kuerzaarbecht am Prinzip limitéiert ass.

Dës Mesure hëlleft haaptsächlech deene Betriber, déi nach méi laang vun den negativen Auswierkunge vun der Coronakris beträff sinn an och nom Enn vum État de crise nach net nees 100 % produktiv kënnen sinn.

De Lockdown hat onweigerlech och en Impact op Leit, déi sech beim Ausbruch vun der Pandemie nach an der Proufzäit befonnt hunn. Doduerch, dass d'Leit heemgeschéckt goufen, konnt d'Proufzäit net komplett genotzt ginn. Den haitege Projet de loi confirméiert dofir, dass d'Proufzäite während dem État de crise ausgesat an deementspriedend verlängert ginn.

Als DP hu mir an der Kommissioun awer betount, dass dës Ausnamereegel just bei deene Leit Sënn mécht, déi während hirer Proufzäit tatsächlech net schaffe konnten. E Salarié, dee weiderschaffe konnt, konnt sech nämlech e Bild maache vum neien Job an de Patron e Bild vum neie Mataarbechter.

D'DP begrëisst och, dass nom Avis vum Staatsrot preziséiert gouf, dass Leit, déi am État de crise krank waren, hire Kënnegungsschutz verlängert kréien an dass dës Verlängerung awer net d'office déi ganz Period vum État de crise beinhalt, mee just déi Zäit, wou een effektiv net schaffe konnt. Anerefalls wiere mer an eng Situatioun komm, wou net nëmmen d'Salariéen ënnerschiddlech behandelt, mee och d'Patronen dovunner negativ beträff gi wären.

Ee weidere positive Punkt an dësem Gesetzesprojet, deen den Employeuren an hire Salariéen entgéintkënn, betrëfft d'Contrats d'appui-emploi an d'Contrats d'insertion à l'emploi (veuillez lire: d'Contrats d'initiation à l'emploi). D'Indemnitéiten, déi de jonken Demandeurs d'emploi mat esou Kontrakter während dem État de crise bezuelt gi sinn, ginn nämlech komplett vum Fonds pour l'emploi iwwerholl. De Promoteur muss deemno dem Fonds pour l'emploi net déi 50 % vum soziale Mindestloun rembourséieren. Mat dëser Mesure bleiwe Liquiditéiten, déi soss debourséiert gi wären, an den Entrepreneuren.

Mir alleguerten hunn an dëser Kris erkannt, wéi eng wichteg Roll verschidde Secteuren an der Kris iwwerhuelen. De Gesondheets- a Liewensmëttelsector, den Transport public an déi öffentliche Administratiounen, fir der just e puer ze ernimmen, sinn essenziell, well si fir e gudden Fonctionnement vun eiser Gesellschaft sueren.

gen. An dës Secteuren hu mer an der Kris ausnamsweis op Persounen zrëckgegraff, déi eigentlech schonno an der Pensioun waren. Dës Leit kënn dëst Gesetz finanziell entgéint, andeems et festleet, dass den zousätzleche Revenu, dee während dem État de crise ausbezuelt gëtt, net beim Plaffong vun de Revenue berücksichtegt gëtt.

Och nom nationalen Noutstand musse mir d'Betriber an hir Aarbechter op hirem Wee an d'Normalitéit weider begleeden. D'Mesuren an dësem Text suergen derfir, dass déi gutt Aarbecht, déi bis elo geleescht gouf, net verluer geet.

Ech ginn domat den Accord vun der DP-Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hartmann. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Charles Margue (déi gréng).** - Merci, Här President. Ech schlësse mech meng Virriedner un a ginn och den Accord vun der grénger Fraktioun fir dës Projet. Ech soen dem Rapportier Merci. Ech sinn och frou, wierklech kënnen ze ënnersträichen, dass dee Chômage partiel wierklech de Retter an der Nout war zu Lëtzebuerg, mee och a ganz Europa. All déi Länner, déi keng esou Moossnamen hunn, do gesi mer, wéi déi wäerten an d'Gette goen, och no der Covidkris selwer.

Mir hunn elo dee Projet hei verlängert bis Enn Juli. An ech sinn immens frou, dass d'Sozialpartner sech an deene leschten Deeg fonnt hunn, fir en Accord ze fannen, fir och no der immediater Postkris weider ze kucken, wéi mer mat där Kris ëmginn, wéi mer de Chômage partiel, méiglecherweis aner Modeller fannen, fir dass deen Effort, dee mer elo geleescht hunn - vu ronn 800 Milliounen ass bis ewell geschwat ginn, 300.000 Leit, 14.000 Betriber -, dass dee wierklech net ëmsoss war.

Et ass mer wichteg ze ënnersträichen, dass dat elo perpetuéiert gëtt mat deem heite Gesetz a mat deenen Negociatiounen am Kader vum Sozialdialog, dee mer och dës Woch ugeschwat hunn, ka verlängert ginn.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Margue. Ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll mech dann den Owend méi kuerz faassen. Ech géif dem Rapportier, dem Här Georges Engel, en häerzleche Merci soe fir säi Rapport. Ech mengen, mir hu gesi gehat, et sinn insgesamt 19 Punkten, wou eist Aarbechtsrecht modifiéiert oder geännert gëtt. Dat ass op ville Facetten an op ville Punkten. Ech denken do zum Beispill un d'Stagenzäit, d'Proufzäit - ech wëll Der just e puer opzielen -, Kënnegungsschutz, begrenzten Aarbechtskontrakt, Medico, Chômage partiel, Preretraite, Studentenaarbecht. All eenzel Delaie goufen och genannt. Ech mengen, et kann ee soen, queesch duerch de Gaart geet dëst Gesetz hei.

Ech mengen, dat Gesetz hei war néideg. Opgrond vun de Coronareglementer am Fong geholl, kann ee soen, huet et sech erginn, dass mer nom État de crise erëm an den Droit commun zrëckkommen. An déi eenzel Saachen, déi mer hei gestëmmt hunn oder déi mer elo stëmmen, do lafen déi eng bis Enn des Joers, anerer lafen nach doriwwer eraus. Ech mengen, op den Detail wëll ech net agoen, den Här Georges Engel huet et gemaach. An ech mengen, mir mussen elo all deem Rechnung droen, wat an der Coronakris gestëmmt gouf, well soss wiere mer do an engem Vide hannendrop an da kréiche mer Problemer zu alle Säiten.

Ech ginn dann den Accord vun der ADR zu dëser Propose de loi. An ech hoffen, dass mer elo, well dee Gesetzesprojet an Zäitdruck gemaach ginn ass, näischt vergiess hunn, am Interesse vun de schaffende Leit.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen. An ech ginn d'Wuert weider un den honorabelen Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Eng ganz Rëtsch vun de Virriedner hunn et scho gesot, dass dëst Gesetz eigentlech d'Weiderféierung vun enger Panoplie vu Mesuren ass, déi mer am État de crise geholl hunn an déi sech natierlech aschreien an eng ganz onsécher Zäit; eng onsécher Zäit, déi och weidergeet nom État de crise, wa mer versichen, zrëckzufannen an eng sougenannt Normalitéit.

Ech soe „sougenannt Normalitéit“, well mer nach quer net wëssen, wéi déi nächst Méint a Joren ausgesinn. Gëtt et eng zweet Well am

Hierscht? Wéi sinn déi dauerhaft sozial an ekonomesch Awierkungen anzuschätzen? A wéi musse mer d'Aarbechtsrecht an d'sozial Systemer opstellen, fir dësen Erausforderungen entgéintzekommen an dës Erausforderungen ze meeschteren? Anescht ausgedréckt: Wéi suerge mer derfir, dass no der sanitärer Kris an där Wirtschafts- a Sozialkris, déi mer elo amgaange sinn ze entdecken oder déi sech um Horizont ofzeechent, wéi brénge mer et fäerdeg, eis sozial Systemer an eist Aarbechtsrecht esou opzustellen, dass mer deem entgéintgoe kënnen? An dat ass fir eis een Element an eng ganz zentral Fro bei dësem Gesetz.

Mir sinn eis natierlech bewusst, dass et net eleng duergeet, e puer Verännerunge vum Aarbechtsrecht virzehuele fir ze verhënnern, dass déi sozial Schéier an der nächster Zäit nach weider ausernegeet, mee vereenzelt Puzzlestécker fanne sech awer an dësem Gesetz.

Zil muss et an eisen Ae sinn, fir dräi Saachen ze maachen: éischstens, de Verloscht vun Aarbechtsplazen an domadder verbonnen och Entloossungen ze verhënnern, zweetens, Leit a prekärer Aarbecht oder op der Sich no Aarbecht ze schützen, an drëtzens, d'Entsteeung vun enger verluerener Covidgeneratioun ze verhënnern, déi ouni wirtschaftlech Perspektiven an déi nächst Méint a Jore goe muss.

Bei deem éischte Punkt begrësse mer natierlech d'Verlängerung vum Chômage partiel. Et ass en effikass Méittel, fir d'Salariéer weider an hirem Aarbechtsverhältnis ze halen, mat all de soziale Rechter, déi domadder verbonne sinn. Wéi de Chômage partiel genee soll gehandhaabt ginn, war jo Géigestand vu Verhandlung mat de Gewerkschaften an dem Patronat. A mir kënnen eis elo natierlech net am Detail dozou äusseren, well d'Detailer jo och nach zum Deel an der Diskussioun sinn.

Mir begrëssen awer och, dass an dësem Gesetz no der Interventioun vum Staatsrot déi Anticumulregel erausgeholl ginn ass, wat de Congé pour raisons familiales mat dem Chômage partiel ugeet, well do esou vill Onkloerheeten awer dra waren a virun allem Härtefäll hätte kënnen entstoen, dass et, mengen ech, ganz sënnavoll war, dës erauszehuelen.

Ech mengen awer, dass et och immens wichteg ass, bei der zweeter Fro, nämlech dem Verloscht vun Aarbechtsplazen, dass deen direkt verbonnen ass mat der Prekaritéit vu Leit an Aarbecht a Leit op der Sich no Aarbecht. An dozou gëtt et och eng Rei Elementer ervirzehiewen. D'Salariatskummer weist drop hin, dass zum Beispill vill Leit an der Période d'essai während dem État de crise hire Kontrakt gekënnegt kruten, well se net protegéiert waren. Dat trifft an dësem Fall wuel an alleréischter Linn Jonker. An dat si Leit, déi riskéieren, aussichtslos an de Chômage ze falen an och net wierklech gehollef ze kréien, wann hir Rechter op Chômage sech nëmmen ëm dräi Méint verlängeren.

D'Salariatskummer proposéiert duerfir eppes, wat mir als Lénk natierlech och ënnerstëtzen an och schonno eng Zäitche fuerderen, nämlech dass dës Chômagerechter ëm déi zwielef Méint verlängert ginn, egal ob se virdu geschafft hunn oder net, fir ze verhënnern, dass se eebe justement an de REVIS falen, wat en Instrument ass, wat, mengen ech, net terribel géeegeent ass, fir Leit erëm op den Aarbechtsmaart ze bréngen an enger Situatioun, wou mer eng Penurie un Aarbechtsplazen hunn.

Drëtzens, Här President, an ech mengen, dass ass ganz wichteg, musse mer onbedéngt Weeër fanne fir ze verhënnern, dass déi jonk Leit, déi nach an Ausbildung sinn oder déi elo no enger Plaz sichen a vläicht scho virun der Kris geschafft hunn, mee eben nach an der Proufzäit waren, de Präis musse bezuele fir d'Covidpandemie.

Schonno am Abrëll dëst Joer louch de Jugendchômage zu Lëtzebuerg laut Eurostat bei 24,7 %. Nëmme Spuenien a Griicheland sinn nach méi schlecht dran, wat de Jugendchômage ugeet, wéi Lëtzebuerg. An dat sinn erschreckend Zuelen. An dat war am Abrëll. An d'Fro stellt sech wierklech: Wou leie mer mat deenen Zuelen am September?

Déi aktuell wirtschaftlech Situatioun verspricht deene Jonken, déi nach net Fouss gefaasst hunn, net vill. Si riskéieren ëmmer méi, als eenzeg Optioun prekär an zäitlech begrenzt Kontrakter ze kréien. An do geet och d'CSL an hirem Avis an deem dote Kontext op déi sougenannt Autoentrepreneuren oder Scheinselbstständige an, déi fir Plattformen schaffen an déi keen Zougang zu soziale Schutzmechanismen hunn, déi mat engem Aarbechtskontrakt a Verbindung stinn, an dowéinst och kee Chômage partiel kréien. Duerfir ass et an eisen



Aen och grad elo ëmsou méi dréngend, fir an deem dote Beräich ze legiferéieren.

Här President, mir mengen, datt mer eis an deenen nächste Méint a vläicht Jore musse rüste fir déi sozial Situatioun a fir déi Situatioun um Aarbechtsmaart, déi riskéiert, op eis duerkommen. A mir mengen, datt dat hei wirklech just kann en Ufank sinn, fir iwwert déi Situatioun vum État de crise erauszekommen, an datt d'Regierung an den Aarbechtsminister gefuerdert sinn an domadder natierlech och d'Chamber an enger zweeter Etapp, fir déi Erausforderungen unzegoen, déi mer brauchen, fir eebe genau déi dote Problemer kënnen ze behiewen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Baum. Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här, President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, den État de crise huet villes mat sech bruecht, wat aarbechtsrechtlech net ideal ass. A mir probéiere méttels Projet-de-loie wéi dësem, mee och deenen, déi schonn annoncéiert sinn an déi mer haaptsächlech och muer wäerten traitéieren, eis der Situatioun beschtméiglech ze adaptéieren a se esou fair wéi méiglech fir jiddereen ze maachen.

Ech wëll bei dëser Geleeënheet awer och op d'Kritik vun der Chambre des Salariés verweisen, déi ze bedenke gëtt, datt d'Rechter vum Salarié bei dësem Gesetzesprojet net wäitreechend genuch geschützt sinn. Heizou zielt ënner anerem d'Verlängerung vum Delai betreffend de Kënnegungsschutz vu 26 Wochen, deen een hirer Meenung no misst iwwert den État de crise eraus bis Enn des Joers verlängeren. Hei hätt een effektiv e bësse méi wäit kënnen goen.

Och d'Interimmen, en Theema, wat d'Piraten hei am héijen Haus ewell des Éfteren ugeschwat hunn, mussen an dëser Kris besonnesch geschützt ginn. Schon an Netkrisenzäite leiden dës Leit ënner prekären an heiansdo schlecht bezuelten Aarbechtsverhältnissen.

Mir Piraten schlëssen eis der CSL hirer Kritik un a fannen, datt dës Leit vum selwechte Schutz misste kënnen profitéieren wéi déi aner Salariéen. Mir sti fir Gläichberechtigung an duerfir fanne mer, datt jidder Aarbechter oder Salarié vum selwechte Schutz soll kënnen profitéieren, sief dat am Beräich vum Aarbechtsrecht, bei der Sozialversécherung oder beim Zougang zu der Gesondheetsversuergung.

Här President, wéi mer wëssen, wäert den Impakt vun der Kris nach laang ze spiere sinn. Dofir mécht et Sënn, verschidde Moossnamen, déi während dem État de crise am Beräich vum Aarbechtsrecht ergraff goufen, iwwert dësen eraus ze verlängeren. Ma, vill Leit leide weinst der Kris, engersäits ënnert der Angscht an Onsécherheet, hiren Job ze verléieren, anerersäits weinst vill méi triviale Froen vum Alldag, wéi et generell soll weidergoen. Et hunn och rezent Studie gewisen, datt Leit duerch d'Kris zu méi verstärkten Angschtstéierunge kommen. E staarke Kënnegungsschutz kéint dëser Angscht definitiv entgéintwierken.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn der Meenung, datt de Chômage partiel de Patronen d'Decisioun kann erliichteren, Aarbechtskontrakter vun de Salariéen och während der Coronakris an duerno ze erhalen.

Mir Piraten stëmmen dëse Gesetzesprojet mat an der Hoffnung, datt d'Regierung an Zukunft nach verstärkt Efforte wäert maachen, fir datt dee mat dësem Gesetzesprojet votéierte Schutz

och allen anere schaffende Leit kann zeguttkommen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt wollt ech och dem Rapporteur Merci soe fir säin exzellente Bericht. Et war net Ären drëtte fir haut an och net Äre siwenten insgesamt. Et war Ären éischte fir haut, mee e war wéi ëmmer ganz explizitt an e mécht mir d'Saache weesentlech méi einfach, dass ech net méi muss op all eenzelne Punkt vun deem Gesetz hei agoen.

Et ass virdru richtegerweis bemierkt ginn, dass dëse Gesetzesprojet insgesamt 19 Punkten ëmfaasst. Gëschter hat ech hei frank a fräi behaupt, de Sozialdialog hätt während dem État de crise ganz exzellent fonctionéiert. An haut liwwere mer de Beweis dofir. Well alleguerten déi Punkten, déi mer haut u sech iwwert den État de crise weider fonctionéiere loosse, sinn de Beweis dofir, dass mer während deem État de crise Suerg haten, fir d'Rechter vun de Salariéen ofzesécheren an och op där anerer Säit de Betriber entgéintzekommen, fir esou vill wéi méiglech Leit an engem Aarbechtsverhältnis ze behalen.

Et ass zu Recht gesot ginn, dass de Chômage partiel warscheinlech déi entscheidend Moossnam war, fir eis Ekonomie ze stäerken. An ech wëll och der Chamber eng Rei vun interessanten Zuelen net virenthalen, déi ech haut kritt hunn.

Fir de Mount März waren et insgesamt 12.800 Betriber, déi Chômage partiel kritt hunn. Am Abrëll, an dat war de Rekord, waren et der 14.100. Am Mee ass et erofgaangen op 9.900 an am Juni waren et nach 6.000 Betriber, déi eng Demande gemaach hunn, fir Chômage partiel ze kréien. Am Ganzen hu mer iwwer 800 Milliounen ausginn, woubäi, an dat hat ech scho gesot, en Deel dovunner mat Sécherheet ka recuperéiert ginn, wann d'Dekonte kommen.

De Comité de conjoncture war de Moien och zesummen an huet zwou wichteg Decisiounen geholl: engersäits ab Juli en neie Formulaire, deen awer och informatiséiert ass an iwwer guichet.lu fonctionéiert. D'Demandé kënnen bis de 26. Juni - de 26.6. also - gemaach gi fir de Mount Juli, e bësse par Derogatioun zu deem, wéi mer soss ëmmer gefuer sinn.

A fir de Mount August - an do ass et och wichtig bäizefügen, dass an Zukunft fir all eenzelne Mount muss frësch ugefrot ginn, sou wéi dat och fréier ëmmer de Fall war - ass de leschten Delai den 12.7. fir d'Joer 2020. Wuel wëssend, esou wéi ech et virdru gesot hunn, dass ëmmer muss iwwert deen neie Formulaire gefuer ginn, deen ab dem 20. Juni normalerweis misst och aktiv sinn.

Ech wëlt mech dann och nach vläicht, well och hei nach eng Kéier speziell de Jugendchômage ugeschwat ginn ass, der Meenung u-schlëssen, dass dat eng vun deene gréissten Erausforderunge vun der nächster Zukunft wäert ginn.

Ech wiere mech awer e bësse géint déi Duerstellung, déi mer haut an der Press gelies hunn, dass dat keen Theema gewiescht wier bei der Politik. Souwuel an eiser Kommissioun wéi

awer och bei verschiddenen ëffentleche Geleeënheeten hunn ech ganz kloer drop higewisen, dass dat a mengen Aen déi gréisst Erausforderung fir d'Zukunft gëtt an dass mer do mussen e ganz besonnescht Aemierk drop geheien.

Ech wëlt dann och, e bëssen entgéint der normaler Praxis, der Chamber och zwou weider Zuelen net virenthalen, déi ech och haut de Moie kritt hunn.

Engersäits an entgéint deem, wat mer nach virun enger Woch gemengt hunn, geet de Chômage Enn Mee net zrëck am Verglach zu Enn Abrëll, mee e bleift praktesch stabil. Mir bleiwen also iwwert där faméiser Grenz vun 20.000 Leit, Residenten, déi fir den Aarbechtsmarché disponibel sinn. An de Chômagetaux geet insgesamt vu 6,9 % op 7 % erop. Enn Mee, wéi gesot, ass hei d'Referenzperiod, vun där mer schwätzen.

Dat weist also, dass mer nach laang net iwwert de Bierg sinn. Mir ginn dervun aus, an ech hunn ni en Heel draus gemaach, dass mer Enn Juli déi schlëmmsten Zuele wäerten zréckgräifen an dass dat sech och nach bis an de spéiden Hierscht wäert mat eriwuerzéien. Wuel wëssend, dass dann eng Rei vu Betriber op Chômage partiel net méi wäerten zréckgräifen, well se dat esou fir sech decidéiert hunn, an dass dann awer och de Risk besteet, dass se eng Rei Leit wäerten entloossen.

An op där anerer Säit hu mer selbstverständlech d'Schoulofgänger vun dësem Joer. A mir hoffe jo, dass Der vill den Exame gepackt hunn an domadder och vill Leit da fir den Aarbechtsmaart disponibel sinn. Mee op där anerer Säit wäert dat natierlech d'Saach net vereinfachen, fir hinnen alleguerten esou séier wéi méiglech dann och eng würdeg Aarbechtsplaz ze verschafen.

Dat gesot, nach eng Kéier zréckkommend op den Text: Hei ass et drëms gaangen, fir eng Sécurité juridique ze kreéieren fir alleguerten déi Règlement-de-crisen, déi mer geholl hunn am Interêt vum Schutz vun de Salariéen, am Interêt och vun de Betriber, fir hinnen entgéintzekommen, wa se d'Leit an den Aarbechtsverhältnissen gehalen hunn. An anerersäits geet et natierlech drëms, fir déi faméis 1.022-Stonnie-Reegelung, vun där elo och schonn e puer Riedner geschwat hunn, praktesch esou ze gestalten, dass net duerch déi Reegelung herno eng Rei Leit duerch de Sift falen an net kéinte vum Chômage partiel profitéieren.

Ech wëlt awer och nach vläicht soen, well dat awer och eng wichteg Informatioun ass, déi elo net an dësem Gesetz steet, mee Dir wësst, dass mer och decidéiert hunn, dass zumindest bis um Enn vum Joer keen, dee Chômage partiel kritt, weinst der 80 %-Reegelung ënnert de Mindestloun wäert falen. Dat leeft iwwer Règlement grand-ducal, och wann de Staatsrot doriwwer net frou war an éischter gär gehat hätt, dass mer dat sollten an d'Gesetz schreien.

Ech mengen och, dass de Staatsrot do Recht huet, soudass mer also gefuerdert sinn, innerhalb vu kierzester Zäit déi ganz Reegelung, wéi de Chômage partiel ausbezuelt gëtt, wat haut actuellement - an dat war traditionell esou - an engem Règlement grand-ducal steet, dass mer dat eeben och mussen op de Gesetzesniveau erophuelen. Ech si jiddefalls op, fir dat dann och ze maachen.

Ech wollt dann e ganz besonnesche Merci um Schluss lassginn un alleguerten déi Leit, déi matgeholfen hunn, dass mer dëst Gesetz an den Delaie konnten hei zur Ofstëmmung bréngen. Dat war net evident. Dat huet eng ganz gewësse Portioun Pragmatismus vun alle Säite gefuerdert.

Ech soe ganz besonnesch och der Oppositioun Merci, dass se mat op dëse Wee gaangen ass an och, dass se alleguerten, vun alle Bänken, d'Zoustëmmung fonnt hunn, fir dëse Gesetzesprojet, deen, mengen ech, am Interêt vu ganz, ganz ville Leit ass, dann och kënnen eestëm-meg ze verabschieden. E ganz grouse Merci vu menger Säit och vis-à-vis vun de Leit vum Staatsrot, déi eng exzellent Aarbecht geleescht hunn.

Merci nach eng Kéier.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Här Aarbechtsminister Dan Kersch. D'Diskusioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7603. Den Text steet am Document parlementaire 7603³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7603 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen. Duerno maachen ech den Appel nominal fir de Vote par procuration.

Wien e Vote par procuration wëllt ofginn, soll d'Hand an d'Luucht hiewen, wannechgelift.

Appel nominal (votes par procuration)

Dëse Projet de loi ass domadder mat 59 Jo-Stëmme bei 1 Abstentioun ugehall.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7603 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Léon Gloden), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par M. Georges Engel), Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?


(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung vun haut ukomm. D'Chamber kënnt muer de Mëtten um zwou Auer nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 17.30 heures.)



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

